N°2454
Entrée le 10.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°2454 vum 13. Juni 2025 vum éierbaren Deputéierten Sven Clement**

1. **Wéi evaluéiert de Minister d'Auswierkunge vun der EBA-Stellungnam op lëtzebuergesch CASPs an d'Konkurrenzfäegkeet vun der lëtzebuergescher Finanzplaz am Crypto-Beräich?**

2. **Wéi plangt d'Regierung, d'national Ëmsetzung vun der EBA-Empfeelung ze handhaben, besonnesch wat d'Iwwergangsperiod bis 2026 ugeet?**

3. **Wéi vill lëtzebuergesch Firme sinn aktuell als CASPs lizenzéiert an a wéi engem Mooss géifen se vun der néier duebeler Lizenzéierungspflicht betraff sinn? Wéi vill hu well eng Duebel-Lizenz a wéi vill net?**

4. **Wéi eng konkret Schrëtt ënnerhëlt de Minister, fir d'Rechtsonsécherheet ze reduzéieren an d'Compliances-Käschte fir CASPs ze minimiséieren?**

5. **Plangt d'Regierung Initiativen op europäeschem Niveau ze ënnerstëtzen, fir dëse regulatoresche Konflikt tëschent MiCA a PSD2 strukturell ze léisen?**

6. **Wéi schätzt de Minister de Risiko an, datt dës komplexe Regulatiounssituatioun zu engem "Brain Drain" am lëtzebuergeschen Fintech- a Crypto-Secteur féiert?**

7. **Wéi plangt d'Regierung lëtzebuergesch CASPs bei der Navigatioun duerch dës nei regulatoresch Landschaft ze ënnerstëtzen?**

D'Stellungnam vun der EBA iwwer d'Zesummespill tëscht der Markets in Crypto-Assets Regulation (MiCA) an der Payment Services Directive 2 (PSD2) op déi den éierbaren Deputéierten verweist, zielt op eng europäesch Léisung hin, fir e *level playing field* tëscht allen EU-Memberstaaten ze erhalen.

Dräi Entitéiten hunn aktuell zu Lëtzebuerg eng Zouloossung als CASP (Crypto-Asset Service Provider) ënnert der neier MiCA-Reglementatioun. Zwou dovunner sinn am Besëtz vun enger Duebel-Lizenz.

Lëtzebuerger CASPen si vun der aktueller europäescher Rechtslag op déi selwecht Manéier betraff wéi déi mat enger Zouloossung an engem aneren EU-Memberstaat. Dofir kann een net drop schléissen, dass d'Kompetitivitéit vun der lëtzebuergescher Finanzplaz am Krypto-Beräich um EU-Plang negativ beaflosst gëtt.

D'CSSF leet déi praktesch Ëmsetzung vun der EBA-Stellungnam. Si huet d'Entitéiten iwwer d'Verëffentlechung vun der EBA-Stellungnam informéiert a bleift a reegelméissegem Austausch mat de concernéierten Acteuren.

D'Zesummespill tëscht MiCA a PSD2 ass och Thema an den EU-Verhandlunge ronderëm PSD3/PSR. Lëtzebuerg ënnerstëtzt dës Aarbechten aktiv um europäeschen Niveau, fir déi néideg Rechtssécherheet ze schafen.

Dës Regierung setzt sech weiderhin dofir an, de gesetzleche Kader um nationalen an europäeschen Niveau ze vereinfachen an déi administrativ Belaaschtung fir de Betriber ze reduzéieren, an esou och de Finanz- a Fintech-Standuert ze stäerken.

Lëtzebuerg, den 10. Juli 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth